*Brass Band du Conservatoire d'Esch-sur-Alzette*

# Üs ghört d'Nacht !

Text : J. **DAHM & C. SCHLIM** | Fotoen : **J. CLEMENT & P. MOUSEL** www.brassband.lu

Am Kader vun hirem 50. Anniversaire huet d'Brass Band vum Escher Conservatoire mat hirem Chef dem Claude Schlim an zesumme mat den Amis du Brass Band iwwerluecht mol nees no laange Joren eng kleng Concertsrees ze organiséieren. D'Iddi koum séier op, fir mam Uilson Castro, fréiere Solo-Euphonium aus der Brass Band an Dirigent vun der Schwäizer Brass Band vu Solothurn, e Concert d'Echange op d'Been ze stellen.

No villen Online-Meetingen a fläissege Prouwe vu béide Säiten, goung et dann de 24. Mäerz 2023 vun Esch a Richtung Schwäiz. Dass mat den Eidgenossen net ëmmer ze spaassen ass, gouf eis ob der Grenz bewosst, wou mär iwwer 1 Stonn festgehale goufen. Mat entspriechender Verspéidung koume mär awer dunn zu Solothurn un, wou mir schonn an der gemeinsamer Prouf mat vill Spannung erwaart goufen. Fir d'Waarmspille war keng Zäit méi, d'Still stounge prett an et goung lass.

Mat vill Begeeschterung a Virfreed op de Concert vu Samschdes Owes, si mär dunn, mam Numm um Gezei, zesummen iesse gaangen, wou déi éischt Sympathien a Kontakter geknäppt goufen.

Samschdes Mueres stoung eng Visitt am Klingendes Museum zu Bern um Programm, wou mär vum Professer Adrian von Steiger empfaange goufe fir eng historesch Rees duerch d'Entsteeung vun der Brass Band Formatioun ze maachen. Dono konnte mär allerlee historesch a skurril Blosinstrumenter ausprobéieren, dobäi war d'Alphorn nach



dat Banaalst. No Fräizäit a Shopping, goung et zeréck an d'Hotel, d'Uniform un a Waarmspillen am Concertsall war ugesot.

De Concert Owes gouf vun de Gastgeber ugefaangen, déi eis dann no 4 Stécker mam Marsch „Salut à Luxembourg" begréisst hunn. Mam „Solothurner Marsch" hu mär eisen Deel ugefaangen, an hinne Musek aus eisem Ländche presentéiert mat "The Golden Lady" vum Goff Richards a mat "Outbrassed" vum Pierre Weber, enger Optragskompositioun vum Kulturministère. Den Highlight vun dësem Concert war ouni Zweiwel d'Ouverture vum zweeten Deel, ee Stéck vum Schwäizer Komponist Ludovic Neurohr "Becoming





Giants” fir zwou Brass Banden mat zwee Dirigenten. Déi zwee Ensembelen niefteneen, op enger grousser Bün am impressionante Konzertsaal Solothurn, hunn d' Publikum an dësem 15 Minutte laange Stéck verzaubert. E weidert Wierk "Dream Catchers" vum Paul Lovatt Cooper mat Solisten aus deenen zwou Bands huet den Ofschloss vun dësem super Concert gemaach.

No enger éischter Zugab gouf de Sall dunn nach eemol mam Schwäizer Hit „Üs ghört d’Nacht“ vum Stull gerappt an esou huet de Concert mat Standing Ovation opgehalen. Dono huet d’Nuecht och tatsächlech eis gehéiert, wou mär mat eisen neie Schwäizer Frënn nach e puer flott gemeinsam Stonne verbruecht hunn. Um Sonnde goung et no engem Spadséiergang duerch d'Stad Solothurn an den Elsass, wou mir zu Riquewihr en Tëschestopp haten, fir uschléissend no enger Tarte flambée géint Mëtternuecht nees zu Esch unzekommen.

Den 29. Abrëll gouf dëse Concert dann och zu Biergem am Kulturzenter „Beim Nëssert“ mat dem selwechte Succès widderholl an och do huet d’Nuecht de Museker vun deenen zwee Orchestere gehéiert. Flott Momenter, eng super Erfarung an eng kulturell Beräicherung fir déi zwou Banden.

